n° 2711

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

REÇU
Par Alff Christian , 10:39, 24/08/2020

Lëtzebuerg, den 24/08/2020

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.**

*The Brussels Times* beriicht an engem Artikel vum 21ten August 2020 doriwwer, datt *AstraZeneca,* eng Firma an der Pharmaindustrie mat Sëtz a Groussbritannien, drop an drun ass een éischte Vaccin géint de Sars-Cov-2 op de Maart ze bréngen. D'EU-Kommissioun hat an engem Communiqué vum 14ten August 2020 beriicht, datt mat besotener Firma een Accord ofgeschloss gouf, deen ee Virkafsrecht fir 300 Milliounen Dosissen – an eventuell weider 100 Millioune weider Dosissen – vum Coronavirus-Impfstoff virgesäit, ënnert der Konditioun, datt den Impfstoff noweislech sécher ass.

Wéi *The Brussels Times* weider schreift, wéilt d'Firma awer zu deem Moment, wou den Impfstoff op de Marché kënnt, fir véier Joer keng Responsabilitéit iwwer méiglech Nieweneffekter iwwerhuelen. Dës Method wär zwar gängeg an den USA, ma net an der EU, wou mer u sech d'Reegel hunn, datt Firme fir d'Nieweneffekter vun defekte Produkter haften. Déi belsch Gesondheetsministesch huet géint esou eng "Net-Haftungs-Klausel" schonn hire Widderstand op europäeschem Niveau ugekënnegt, wéi d'Zeitung weider schreift.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi vill Dosissen vum Impfstoff géint de Coronavirus kritt Lëtzebuerg vun der EU-Kommissioun zougesprach?

2. Kann d'Regierung confirméieren, datt di uewe beschriwwen "Net-Haftungs-Klausel" keen Deel vum Accord ass?

3. Wéi gesinn di generell Konditioune vum Accord tëschent der EU, Lëtzebuerg an *AstraZeneca* aus? Wéi eng Obligatiounen hunn di jeeweileg Vertragspartner?

Mat déiwem Respekt,



CLEMENT Sven
Député

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Dossier suivi par: CARRILHO CARDOSO Patrick
Tel: 247 85512
Email: patrick.carrilhocardoso@ms.etat.lu

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

REÇU
Par Christine Wirtgen , 15:20, 29/09/2020

Luxembourg, le 29 septembre 2020

**Réf. :** 831x15537

**Concerne**: Question parlementaire n° 2711 du 24 août 2020 de Monsieur le Député Sven Clement

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse de la soussignée à la question parlementaire n° 2711 du 24 août 2020 de Monsieur le Député Sven Clement concernant le "Vaccin contre la Covid-19 ".

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

**Paulette LENERT**
**Ministre de la Santé**

**Réponse de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire n° 2711 du 24 août 2020 de Monsieur le Député Sven Clement concernant le "Vaccin contre la Covid-19 ".**

*1. Wéi vill Dosissen vum Impfstoff géint de Coronavirus kritt Lëtzebuerg vun der EU-Kommisioun zougesprach?*

D'Europäesch Kommissioun, zesummen mat den eenzelnen Memberstaaten, ass am gaangen mat verschiddenen Impfstoff-Produzenten sougenannten "Contrats d'achats anticipés" auszehandelen déi et erméiglechen eng gewëssen Unzuel vun Impfstoff-Dosen ze reservéieren an anzekafen wann en Impfstoff bis disponibel ass.

Bis elo huet d'EU-Kommissioun een Accord d'achat anticipé mat der Firma AstraZeneca ënnerschriwwen fir d'Bereedstellung vun 300 Milliounen Impfstoffdosen an 100 Milliounen zousätzlech Dosen wann néideg. Parallel lafen och Diskussiounen mat aneren Firmen.

D'Verdeelungen vun den Impfstoff-Dosen, wann se bis disponibel sinn, wäert nom Prinzip vun engem Prorata vun der Awunnerzuel vun den verschiddenen Memberstaaten gemeet ginn. Soumat wäert fir Lëtzebuerg automatesch en Prorata vun 0.14 % vun der globaler Commande séchergestallt ginn. Wann dat néideg ass, kann Lëtzebuerg nach ëmmer zousätzlech Dosen iwwer d'EU-Kommissioun bestellen.

*2. Kann d'Regierung confirméieren, datt di uewe beschriwwen "Net-Haftungs-Klausel" keen Deel vum Accord ass?*

Den Kontrakt deen d'EU-Kommissioun mat AstraZeneca ausgehandelt huet gesäit Konfidentialitéitsklausel vir. Och wann rezent desbezüglech Informatiounen an der internationaler Presse divulgéiert ginn sinn, ass et eis zu dësem Zäitpunkt net méiglech méi Informatiounen zu den Dispositiounen déi am Kontrakt festgehalen ginn sinn ze divulégieren.

D'Indemnisatioun vun eventuellen Schied déi duerch eng Impfung kënnen optrieden sinn duerch d'Gesetz vum 4 Juli 2000 ofgedeckt (relative à la responsabilité de l'Etat en matière de vaccination).

Déi uewen genannten legal Dispositiounen bleiwen applicabel an sinn net impaktéiert duerch eventuell Klauselen am Kontrakt mat AstraZeneca.

*3. Wéi gesinn di generell Konditioune vum Accord tëschent der EU, Lëtzebuerg an AstraZeneca aus? Wéi eng Obligatiounen hunn di jeeweileg Vertragspartner?*

Och hei ass et eis duerch d'Konfidalitéitsklausel déi den Kontrakt mat AstraZeneca virgesäit zu dësem Zäitpunkt net méiglech weider Detailer zum Kontrakt deen d'EU-Kommissioun mat AstraZeneca ofgeschloss huet ze ginn.